

LSAP MAACHER SOZIALISTEN

# EISE PROGRAMM

## LSAP Sektioun Gréiwemaacher

#ZESUMMEN
fir Maacher

# LÉIF MAACHER LEIT,

mir hunn alleguer d'Chance hei zu Maacher **#ZESUMMEN** liewen ze kënnen!

D'Liewensgefill vun de Leit ass enk un hir Gemeng geknäppt. Wann d'Leit sech do, wou se doheem sinn, wuel spieren, wann déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung stinn, wann d'Veräinsliewen dynamesch ass, wann se eng richteg Noperschaft erliewen, dann huet dat e groussen Afloss op hir Liewensqualitéit.

Den 11. Juni sidd Dir opgeruff, en neie Gemengerot ze wielen. Fir dass d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng weider verbessert gëtt, wëlle mir Iech eis Iddien a Kandidaten op deenen nächste Säite virstellen.

## Réckbléck op di lescht 6 Joer

D'LSAP ass 2017 bei de Gemengewale gestäerkt ginn a war duerch zwou Dammen am Gemengerot vertrueden. Op der Säit vun der Oppositioun hu mir, d'*Tess Burton* an d'*Lynn Mantz*, am Gemengerot ëmmer konstruktiv am Interessi vun de Maacher Leit matgeschafft. Wat eis ëmmer ganz wichteg war, war den Ëmgang mateneen am Gemengerot. Mir hunn ëmmer jidderengem seng Meenung respektéiert.

Réckbléckend si mir immens houfreg op de Projet vun der neier Museksschoul am Osburg Haus mam Osburg Gaart, wou et souguer méiglech ass an Zukunft seng Hochzäit ze feieren. Eng Plaz, déi vill Leit zesummebréngt, am Häerz vu Maacher. Et konnt och neie bezuelbare Wunnraum geschaf ginn duerch e klenge Projet vun der Gemeng an der rue Syr, mee och duerch grouss Projete vum *Fonds du Logement* an *SNHBM*. Duerch den neie PAG, deen ofgeschloss konnt ginn, kënne mer en neie grousse Wunnquartier am Pietert schafen. Kuerzfristeg kënnen iwwer 400 nei Leit op Maacher wunne kommen. Dësem Wuesstum muss d'Gemeng an deenen nächste Jore gerecht ginn.

Di aktuell Finanzsituatioun vun der Gemeng ass allerdéngs ugespaant. D'Scholdelaascht vun der Gemeng ass esou heich wéi nach ni. Dee gréisste Posten am Budget ass aktuell den neie Centre culturel, dee mat 26 Mio € presentéiert gouf an ofgeschloss wäert gi mat 50 Mio €. Fir de Centre culturel all Woch mat Programm ze fëllen, wäert eng Erausfuerderung ginn, grad esou wéi d'Personal- an d'Fonctionnementskäschten, déi de Budget vun der Gemeng an Zukunft belaaschte wäerten.

Schonn elo hätt onbedéngt missten an eis Schoulinfrastrukturen investéiert ginn. D'LSAP huet ëmmer rëm op d'Waardelëscht vun der *Maison relais* higewisen, déi ëmmer méi grouss ginn ass. Net all Kand kann hei zu Maacher an d'*Maison relais* goen.

## De Bléck an d'Zukunft

Solidaritéit, sozial Gerechtegkeet, Chancëgläichheet an Nohaltegkeet sinn eis Wäerter, un deene mir eis Politik als SozialistInnen orientéieren. All eis Iddien aus eisem Walprogramm berouen ob dëse Wäerter.

Mir wëllen di nächst 6 Joer konsequent an d'Schoul, de Klimaschutz, de Wunnengsbau, d'Gesondheet – kuerz an d'Liewensqualitéit vun eis all investéieren. Duerch di ugespaante finanziell Situatioun hu mir kloer Prioritéiten definéiert.

Eis *Maison relais* wëlle mer schnellstméiglech vergréisseren, dermat fir all Kand eng Plaz garantéiert ka ginn. D'Urgence vum Klimaschutz ass eis bewosst, mir wëllen als Gemeng vill kleng Moossnamen ëmsetzen, fir zesumme mat de Leit dës Kris ze bewältegen. Mir wëllen en neie Gemengenatelier bauen, fir alleguer d'Servicer ze gruppéieren a fir esou an de Gebaier vun den technesche Servicer am Zentrum bezuelbare Wunnraum ze schafen. Mir wëllen de Verkéier berouegen an d'Maartplaz nei amenagéiere mat enger Spillplaz fir d'Kanner. Mir wëllen eise Leit eng optimal lokal Gesondheetsversuergung garantéieren, dofir wëlle mir an Zukunft d'Installatioun vu Gesondheetsberuffler ënnerstëtzen. Eis ass et wichteg, dass jiddereen eng Aarbecht huet an do schaffe ka wou e wunnt a seng Fräizäit verbréngt. Och déi Leit di net an der Aarbechtswelt sinn, wëlle mir ënnerstëtzen, dermat si um Gesellschaftsliewe deelhuelen kënnen.

Eis Foussgängerzon ass d'Häerzstéck vun eiser Gemeng, mir wëllen d'Attraktivitéit weider ausbauen. Mir wëllen zesumme mat de Veräiner eise Leit eng breet Fräizäitoffer ubidden, fir esou den Zesummenhalt an der Gemeng ze fërderen. Mir wëllen eis Gemeng weider attraktiv fir Touriste maachen an dobäi d'Traditioun vun der Wäikinnigin an d'Vitrinn stellen.

## Waltermin 11. Juni 2023

D'Ekipp vun der LSAP besteet aus Fraen a Männer, déi voll am Liewe stinn, mat ënnerschiddlechen Originnen a Liewenserfarungen, awer mat deene selwechte Wäerter an dem selwechten Zil – d'Gemeng Maacher fir jiddereen zu engem richtegen Doheem ze maachen, wou jidderee gäre wunnt.

All eis Iddien déi mir hunn, kënne mir nëmmen ëmsetze mat enger gudder Ekipp vu MataarbechterInnen op der Gemeng, déi hu mir, a mam Vertraue vun de Leit aus der Gemeng, dat mir den 11. Juni brauchen.

Duerfir sti mir ***#ZESUMMEN*** als LSAP-KandidatInnen fir Maacher.

**LËSCHT 1**
**11. JUNI**



**TESS BURTON**
***Är Spëtzekandidatin***

**POUR LA TRADUCTION**
**FOR THE TRANSLATION**

# EIS KANDIDATEN

## Spëtzekandidatin Tess Burton

37 Joer
2 Kanner
Geschäftsfra

***Deputéiert säit 2013***
***Gemengeconseillère säit 2011***

***Engagementer an der Gemeng:***

- Am Gemengerot säit 2011
- Member an der Bautekommissioun

***Aner Engagementer:***

- Presidentin vun der LSAP Sektioun Gréiwemaacher
- Vize-Presidentin vum LSAP-Bezierk Osten



## Gil Cajao

29 Joer
Schoulmeeschter

***Engagementer:***

- Member am Schoulcomité zu Rued-Sir



## Tun Cavaleiro

53 Joer
3 Kanner
Projekt-Manager

***Engagementer an der Gemeng:***

- Member an der 3. Alterskommissioun
- Member an der Jumelagekommissioun
- Member an der Kulturkommissioun

***Aner Engagementer:***

- Member am Comité vum Syndicat d’Initiative et de Tourisme de Grevenmacher
- Member am Comité vum CSG
- Member am Comité OGB-L Sektioun Musel-Sauer
- Sekretär am Spuerveräin “Les Mosellans”



## Toni Ferreira Lopes

43 Joer
1 Kand
Elektromecanicien

***Engagementer an der Gemeng:***

- Member an der Ëmweltkommissioun
- Member an der Jumelagekommissioun
- Member an der Sportskommissioun

***Aner Engagementer:***

- Schidsriichter am Lëtzebuergesche Futtballs Championat
- Aktiv an de Guiden a Scouten



## Jeff Koob

41 Joer
2 Kanner
Schoulmeeschter

***Engagementer:***

- Trompettist an der Harmonie Municipale Grevenmacher
- Member am Comité vun der Jugendkommissioun vum CSG
- Member am Comité vun der Musep (Asbl fir d'Fërderung vum Museksunterrecht an der Grond-schoul)
- 12 Joer laang Animateur a Forma-teur bei dem Service National de la Jeunesse
- 12 Joer laang Fussballstrainer beim FC Koeppchen & Entente FC Izeg/ US Bous
- 10 Joer laang Dirigent vum Kanner- & Jugenchouer Fentenger Alouetten



## Samantha Lizardo

31 Joer
Expert Comptable

***Engagementer:***

- Sekretär adjointe & Caissière adjointe am Comité vun de BBC East-Side Pirates
- Aktiv Basketspillerin am BBC East-Side Pirates



# EIS KANDIDATEN

## Luca Mazzuca

29 Joer
Salarié



## Lesley Moschtert-Schiltz

33 Joer
2 Kanner
Assistante sociale

*Engagementer*

- Member am Organisatiounscomité vum Charity Cross vum Maacher Lycée



## Alex Paulus-Entringer

39 Joer
2 Kanner
Coiffeuse

*Engagementer*

- Duerch seng Kanner ënnerstëtzt et den HB Museldall, den CSG, d’Muselfénkelcher an d‘Maacher Musek



## Lex Schmitt

32 Joer
1 Kand
Chef d'Agence

***Engagementer an der Gemeng:***

- Member an der Jugendkommissioun

***Aner Engagementer:***

- Aktiv an de Scoute vun der FNEL



## Metty Scholtes

61 Joer
3 Kanner
Pensionéierten Elektriker

***Gemengeconseiller vun 2013-2017***

***Engagementer an der Gemeng:***

- Member an der 3. Alterskommissioun
- Member an der Finanzkommissioun
- Member an der Verkéierskommissioun

***Aner Engagementer:***

- Tresorier vum Verwaltungsrot vum CIGR



***Kuckt Iech eis KandidatInnen am Video un:***

***„Eisen Duerchschnëttsalter läit bei 38 Joer."***

# EISE PROGRAMM

# 1 SCHOUL A BETREIUNG

## Mir sti fir Chancëgerechtegkeet duerch Bildung

***All Kand brauch Bildung, Bindung a Beweegung fir sech gutt ze entwéckelen. An deem Sënn sti mir fir eng modern ëffentlech Schoul, déi all Kand do ofhëlt wou et steet, a säi Léieren a seng mental a physesch Gesondheet an de Mëttelpunkt stellt.***



- Mir wëllen e Schoulcampus schafen op deem sech all d'Infrastrukturen (Schoul, *Maison relais*, Sport) beienee befannen a wou Plaz fir all Kand ass.
- Op dem neie Schoulcampus sollen och d'Sportinfrastrukturen integréiert ginn, wéi zum Beispill eng iwwerdeckte Schwämm, en Turnsall an eng Plaz fir den Airtramp, fir dass zu all Moment op dësen zeréckgegraff ka ginn.
- Fir di iwwerdeckte Schwämm wëlle mir d'Gespréicher op nationalem Niveau weiderféieren.
- Mir vergréisseren d'*Maison relais*, dermat Betreiungsplaze fir all Kand garantéiert kënne ginn. Och wëlle mir dofir suergen, dass Kanner ënner 3 Joer am Gebai vun der *Maison relais* betreit kënne ginn.
- Eis ass et wichteg, dass een e fléissenden Iwwergang vun der formaler an déi non-formal Bildungsoffer garantéiert an dobäi d'Kommunikatioun an d'Koordinatioun tëschent deene verschiddenen Acteure verbessert.
- Mir wëllen d'Offer u Schwammcoursen ausbauen, dermat all Kand sou schnell wéi méiglech schwamme léiere kann.
- Mir schafen eng Méiglechkeet fir gratis qualifizéiert Nohëllef fir d'Kanner an der Schoul unzebidden. Do dernieft soll och d'Initiativ *Super Senior* weider ënnerstëtzt ginn.




- Mir wëllen d'Kanner besser op de sécheren Ëmgang mat neie Medien an Technologië virbereeden a stellen hinnen dofir Tablets an de Schoulen zur Verfügung.
- Mir wëllen d'Sécherheet vun de Kanner um Wee fir an d'Schoul weider garantéieren: d'Eltere sensibiliséieren, fir d'Kanner zu Fouss an d'Schoul ze bréngen, d'Erweiderung vun der Schoulbus-Offer op Kanner aus dem Précoce, d'Aféiere vu Kiss&Go Parkingen, do wou et néideg ass.
- De Verkéier ronderëm d'Museksschoul soll berouegt ginn.
- Mir wëllen d'Schoulhäff nei amenagéieren, fir méi sportlech a gemeinsam Aktivitéiten an de Paus méiglech ze maachen. E Sonnen- a Reeschutz soll och am Schoulhaff installéiert ginn.
- Mir suerge fir e besseren Iwwergang vun de Schüler aus der Grondschoul an de Lycée a bauen d'Zesummenaarbecht mam *Maacher Lycée* aus, fir de Jugendleche gemeinsam Aktivitéiten ubidden ze kënnen.

„***Ausbau vun der Maison relais, dermat all Kand eng Plaz ka kréien.***“

2

# ËMWELT

## Mir sti fir eng ëmweltfrëndlech an nohalteg Gemeng

***D'Klimakris ass déi grouss Erausfuerderung vun eiser Zäit. Mir sinn et deene jonke Generatioune schëlleg, hinnen e liewenswäerte Planéit ze hannerloossen. Duerfir wëlle mir och an eiser Gemeng eis Natur schützen, den Offall reduzéieren a vill kleng Mesuren huelen, fir dobäi ze hëllefen, dës Kris ze bewältegen.***





- Mir bauen de gratis Ëmweltberodungsservice mat der KlimaAgence fir d'Leit weider aus.
- Mir wëlle klimafrëndlech Renovéierungsaarbechten u private Wunnhaiser weider ënnerstëtzen an och d'Sanéierung vun Albaute fërderen.
- Mir wëlle weider déi ëffentlech Beliichtung op LED ëmstellen a Beweegungsmelder do asetzen, wou et sënnvoll ass fir manner Energie ze konsuméieren.
- Mir wëlle méi Photovoltaikanlagen op ëffentleche Gebaier vun der Gemeng opriichten.
- Mir wäerte Recycling-Poubellen (Plastik, Pabeier, Glas, Reschtoffall) an ëffentleche Gebaier an op ëffentleche Plazen, esou wéi och op Eventer installéieren.
- Mir wëllen eng Plaz a Maacher fir de Re-Use Déngscht schafen. Hei kënnen d'Leit Saachen ofginn a mathuelen, déi soss um Sperrmüll gelant wären.
- Mir setze konsequent d'Virgabe vum *Klimapakt 2.0* a vum *Naturpakt* ëm.
- Mir siche weider Méiglechkeeten, fir Geméis- a Kraidergäert op ëffentleche Plazen anzeriichten.
- Mir wëllen e Foodsharing-Frigo an Zesummenaarbecht mat Grousskichen, wéi der *Maison relais* oder dem Altersheem installéieren, dass dat Iesse wat zevill war, de Leit aus der Gemeng kann zur Verfügung gestallt ginn.
- Mir installéieren Drénkwaasserspender an ëffentleche Gebaier an an de Schoulen, fir de Gebrauch vun Einwegfläschen ze reduzéieren.
- Mir setzen eis aktiv mam Thema Naturkatastrophen auserneen a wëllen dofir e lokale Kriseplang opstellen.

# 3 WUNNENGSBAU

## Mir sti fir méi Wunnengen zu bezuelbare Präisser

***D'Wunnengskris huet sech an de leschte Joren nach verschäerft. Et gëllt méi wéi jee, se um nationalen an um lokalen Niveau ze bekämpfen. D'Gemenge spillen heibäi eng wichteg Roll. Mir setzen alles drun, fir abordabel a qualitativ héichwäerteg Wunnengen ze schafen.***

- De Programm d'action local logement ass d'Grondlag fir d'Ëmsetzung vum *Pakt Logement 2.0* an huet als Zil bezuelbare Wunnraum an de Gemengen ze schafen. Dëse wëlle mir konsequent ëmsetzen an esou d'Offer u Wunnraum vergréisseren.

- Mir wëllen e Service Logement an der Gemeng aféieren, deen d'Koordinatioun mat anere Servicer (z. B. *Office social*) erméiglecht, fir esou de Leit ze hëllefen eng Wunneng ze fannen. Dëse Koordinator soll sech och ëm d'Ëmsetzung vum Programm d'action local logement këmmeren.

- Konkret wëlle mir am Zentrum vu Maacher méi Wunnraum schafen, dofir ass et wichteg, dass mir di technesch Gemengeservicer aus dem Zentrum huelen an en neie Gemengenatelier bauen. Sou ka Wunnraum am Haus um Rond-Point Kahleberreg, am Gebai vum techneschen Déngscht an der Schaffmill an am Gebai vum Waasser- a Stroumdéngscht an der rue Kummert entstoen.





**Haus an Atelier um Rond-Point**

## Gebai vum techneschen Déngscht



- Mir ënnerstëtzen alternativ Wunn- a Bauformen (z. B. Wunngemeinschaften, Méigeneratiounshaiser). Mir wëllen hiert Entstoe vereinfachen, well déi Léisungen, virun allem bei jonke Leit, aktiv géint Wunnengsnout hëllefe kënnen.
- Mir wëllen eise Leerstand erfaassen a Proprietäre sensibiliséieren hir Wunneng ze verlounen, ze verkafen oder se an d'*Gestion locative sociale* ze ginn.
- Mir wëllen d'Proprietäre bei der Renovatioun vun historesch a kulturell wichtege Gebaier ënnerstëtzen.
- Mir wëllen och weider Noutwunnenge schafen, fir beispillsweis Affer vun Hausbränn schnellstméiglech en Ënnerdaach kënnen zur Verfügung ze stellen.
- Mir setzen eis weider fir e performante Service technique op der Gemeng an. Déi rezent personell Verstäerkung, déi mir gefrot hunn, wäert hëllefen, d'Leit nach besser bei hire Baugeneemegungen ze begleeden an ze ënnerstëtzen.





## Gebai vum Waasser- a Stroumdéngscht

# 4 MOBILITÉIT A VERKÉIER

## Mir sti fir eng Berouegung vum Verkéier

*D'Verkéiersbelaaschtung an eiser Stad wëlle mir reduzéieren an alternativ Mobilitéit förderen. Do wou d'Autoe weider néideg sinn, ass d'Sécherheet am Verkéier fir eis eng Prioritéit.*



- Fir de Verkéier am Zentrum ze berouegen, schafe mir eng Tempo-20-Zon mat Shared Space a verschiddenen Deeler vu Stroossen (Place du Marché, rue d'Osbourg, rue des Remparts an d'rue Mathias Schou).
- Fir d'Neigestaltung vun der Maartplaz virum Gemengenhaus wäerte mir d'Wënsch, déi an de Workshoppe mat de Leit ausgeschafft gi sinn, berécksiichtegen. Zousätzlech wëlle mir e puer Parkplazen erhalen a fir d'Kanner eng kleng Spillplaz integréieren.
- Fir déi Leit, di am Alstadkär wunnen an owes op der Maartplaz parken, wëlle mir d'Méiglechkeet bidden zu engem reduzéierten Tarif owes am Parkhaus Réngmauer ze parken.
- Mir wëllen och deene benodeelegte Familljen, déi d'Gromperegeld kënnen ufroen, eng Reduktioun bei der Locatioun vun de Parkplazen am Parkhaus Réngmauer erméiglechen.
- De Wonsch vun der Verkéierskommissioun, fir aus de villen Zone vum Parking residentiel just eng Zon ze maachen, wëlle mir analyséieren.
- Fir de Parkproblem op Flohr bei de Sportsinfrastrukturen ze léisen, wëlle mir, wa méi Manifestatioune matenee stattfannen, eng Navette asetzen. De Sportskoordinator soll hei d'Koordinatioun mat de Veräiner maachen. Mir wëllen och préiwen, fir e weidere Parking op Flohr anzeriichten.
- D'rout Luuchten am Kummert sollen anescht agesat ginn.
- Park&Ride Parkingen op der däitscher Säit solle weider ënnerstëtzt ginn.

# SÉCHERHEET 5

## *Mir sti fir eng sécher Gemeng, wou jidderee sech wuelfillt*



© AdobeStock / micmojo

***D'Liewensqualitéit an enger Gemeng hänkt staark vum Sécherheetsgefill vun de Leit of. Mir wëllen dofir suergen, dass d'Leit sech weiderhin an eiser Gemeng sécher fillen.***

- Fir eis ass Präventioun wichteg, fir méi Sécherheet ze vermëttelen. Dofir wëlle mer weider enk mat den Acteuren um Terrain, wéi der Police, de Streetworker oder aneren Hëllefsorganisatiounen zesumme-schaffen.
- D'Presenz vun den Agents municipaux soll de Leit e Gefill vu Sécherheet vermëttelen, si kënne geschwënn di nei Policeveruerdnung, déi ugepasst ginn ass, ëmsetzen.
- Mir wëllen e Service de Proximité aféieren, dee reegel-méisseg mat de politesche Verantwortlechen zesum-mekënnt an iwwer d'Sécherheetslag beréit, iwwer Preventiounsmoossnamen diskutéiert a Verbesse-runge virschléit.

# 6 GESONDHEET

## Mir sti fir eng gutt lokal Gesondheetsversuergung

***D'Gesondheet ass dat Wichtegst wat jiddereen huet! Dofir ass d'Gesondheet vun de Leit fir eis eng absolut Prioritéit. Mir setzen eis a fir eng optimal lokal Gesondheetsversuergung fir jiddereen.***

- Mir wëllen an Zukunft d'Nidderloosse vu Gemeinschaftspraxisse vun Dokteren a paramedezinesche Beruffer, wéi Kiné- a Psychotherapeuten, an eiser Gemeng ënnerstëtzen an hinnen hëllefen adequat Raimlechkeeten ze fannen.
- Bei neie grousse Wunnprojete wëlle mir eis asetzen, dass Raimlechkeete fir Gesondheetsberuffler geschaf ginn.
- Mir ënnerstëtzen och Zentren an deene medezinesch Aktivitéiten (IRM, Mammografie,...) stattfanne kënnen, mee dëst just an Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère
- Mir schaffen e lokalen Aktiounsplang fir déi physesch a mental Gesondheet aus.
- Mir wëllen eng gesond Ernärung promouvéieren, dozou gehéieren och regional- a Bioprodukter.



# AARBECHT A SOZIALES 7

## Mir sti fir d'Zesummeliewen an der Gemeng!

***Jidderee soll d'Chance hunn eng gutt Aarbecht ze kréien. Dofir ass et wichteg, dermat op lokalem Plang och Aarbechtsplaze geschaf ginn, dermat d'Leit do, wou se wunnen an hir Fräizäit verbréngen, och schaffe kënnen. Mee och di Leit, déi net an der Aarbechtswelt aktiv sinn, wëlle mir ënnerstëtzen, dermat si um Gesellschaftsliewen deelhuele kënnen.***

- Mir wëllen Aarbechtsplazen an eiser Gemeng erhalen an neier schafen. Dofir wäerte mir Betriber ënnerstëtzen, déi sech an eiser Gemeng installéiere wëllen.
- Mir ënnerstëtzen de lokalen *Office Social* bei hirer Aarbecht finanziell a personell.
- D'Beschäftegungsinitiativ *CIGR* ass e wichtege Partner vun der Gemeng, mir wëlle verstäerkt zesummeschaffen a si ënnerstëtzen.
- Mir bannen déi lokal Veräiner an Initiativen am Beräich vun der Erëmbeschäftegung an, andeems Aarbechtsplazen an de Veräiner (Administratioun, Maintenance vum Material, asw..) geschaf ginn.
- Mir wëllen och verstäerkt Léierplazen an der Gemeng schafen, souwéi Leit mat engem Handicap astellen.
- Niewent dem Repas sur roues Service wëlle mir och d'Méiglechkeet bidden, kleng Akeef fir Leit ze erleedegen, déi net mobil sinn.
- D'Offer vun eise Give Boxe wëlle mir weider fleegen a fir d'Bicher wëlle mir eng separat Léisung fannen, zesumme mat der Bibliothéik, soudass an der Give Box Plaz fir Alldagsgéigestänn ass.





> „Aarbechtsplazen an der Gemeng schafen, do wou d'Leit wunnen an hir Fräizäit verbréngen."

# 8 GESCHÄFTSWELT

## Mir sti fir eng lieweg Foussgängerzon

***Eis Foussgängerzon ass net nëmmen eng Plaz wou een akafe kann, mee si ass och de sozialen Treffpunkt vun de Leit aus der Gemeng. Dofir wëlle mir eis Foussgängerzon nach méi attraktiv maachen, esou dass d'Leit sech gären do begéinen an akafe kënnen.***

- Mir wëllen als Gemeng aktiv hëllefen d'Foussgängerzon ze beliewen, z. B. duerch d'Loune vu Surface-commercen, déi weiderverlount kënne ginn, fir esou och d'Offer ze completéieren.
  Mir wëlle Partner siche fir Pop-Up Storen a fir Ausstellungen an Eventer ze organiséieren.

- Mir wëlle préiwen, ob mir um Prosteneck e klenge Comptoir installéiere kënnen, deen och als Kiosk funktionéiere kann, wou d'Leit ënner anerem hir Zeitunge kafe kënnen.

- Mir wëlle préiwen, wéi mir bestoend Terrasse vergréissere kënnen, z. B. wëlle mir den Osburg Gaart mat dobäi huelen, fir dass d'Leit Zäit an der Foussgängerzon verbrénge kënnen.

- Mir wëlle méi gréng Flächen uleeën, Bänken a Spillgeräter fir d'Kanner installéieren.

- Mir ënnerstëtzen de Geschäftsverband finanziell a personell a schaffen enk mat dësem zesummen.

- Niewent de Betriber am Zentrum wëlle mir och d'Betriber an der Industriezon um Potaschbierg ënnerstëtzen. Mir wëllen di kommunal a regional Industriezon ausbauen.



„Eis Foussgängerzon ass d'Häerzstéck ♥ vun eiser Gemeng."





# 9 KANNER, JUGEND & SPORT

## *Mir sti fir eng breet Fräizäitoffer*


© AdobeStock / Syda Productions

***Niewent der Schoul an der Betreiung ass et fir eis wichteg, dass mir eise Kanner a Jugendlechen och eng breet Offer u Sport- a Fräizäitaktivitéite bidden an och Plaze wou si sech begéine kënnen, wou si sech an hirer Fräizäit fräi entfale kënnen.***

***Mir stinn zu méi Participatioun: Kanner a Jugendlecher hunn d'Recht, mat agebonnen ze ginn, wann et ëm d'Gestaltung vun hirem Ëmfeld geet.***

***Gesondheet a Beweegung ginn Hand an Hand. Reegelméisseg Beweegung ass eng extrem wichteg Preventiounsmoossnam géint Krankheeten an huet och ee signifikanten Afloss op déi sozial a mental Gesondheet.***

- Mir wëlle méi Fräizäitaktivitéite fir d'Kanner an di Jugendlecher ubidden, virun allem an de Vakanzen.
- Eist Jugendhaus, de *CRIAJ,* huet eng wichteg Roll an eiser Gemeng, dëse Service wäerte mir weider ënnerstëtzen.
- Niewent dem Jugendhaus an der Zéintscheier wäerte mir och eng Plaz amenagéiere, fir dass di Jonk sech dobaussen treffe kënnen an Aktivitéiten am Fräie maache kënnen.
- Mir wëllen och reegelméisseg Aktivitéiten, wéi zum Beispill Babysittercoursen, Nohëllefcoursen an 1. Hëllefcoursë fir di Jonk organiséieren.

- Mir schafen eng zentral Plattform, wou di Jonk sech melle kënnen, wa si babysitten oder Nohëllefsstonne ginn an esou d'Kontakter zu Eltere méi einfach enstoe kënnen.

- Fir eise Veräiner di néideg Infrastrukture fir hire Sport zur Verfügung ze stellen, wëlle mer préiwen, wéi mer eis Sportshal an eise Stadion vergréissere kënnen.

- Fir Fräizäitaktivitéiten ze organiséieren an ze encadréieren, wëlle mir gären e Jugend- a Sportskoordinator an der Gemeng designéieren. Dëse soll mat de lokale Veräiner an aneren Institutiounen zesummeschaffen.

- *Makaro* (*MaacherKannerRot*): mir wëllen d'Kanner aktiv mat an d'Gemengeliewen abezéien an se u politeschen Decisiounen deelhuele loossen. Mat engem participative Budget sollen och Decisioune vum *Makaro* ëmgesat kënne ginn.

- Mir schafen e Maskottchen, mat deem sech d'Kanner identifizéiere kënnen, fir d'Kanneraktivitéiten ze begleeden a siichtbar ze maachen.

- Mir wëlle verstäerkt d'Jugendkommissioun ënnerstëtze fir eege Projeten ëmzesetzen.



# 10 TOURISMUS

## Mir sti fir eng Stad mat villen Attraktiounen

***All Investitioun an den Tourismus ass och eng Investitioun an d'Liewensqualitéit vun de Leit hei zu Maacher. Mir wäerten déi touristesch Attraktiounen hei zu Maacher weider ausbauen.***

- Mir wëlle fir d'Zukunft e Konzept ausschaffen, wéi eist Fräizäitareal laanscht d'Musel sech soll entwéckelen. D'Muselpromenad soll méi belieft ginn a weider Attraktioune solle geschaf ginn.
- Mir wäerte weider de *Syndicat d'Initiative et de Tourisme* ënnerstëtzen, dee sech vill ëm d'Offer an den Accueil vun eisen Touriste këmmert.
- Mir wëllen de Parking ënne bei der Musel (Parking Piscine) nei maachen an och d'Muselpromenad mat abannen a préiwen, ob do e Kiosk mat enger Terrasse opgeriicht ka ginn.
- Mir wëlle weider Iwwernuechtungsméiglechkeete fir Touriste schafen, zum Beispill a Form vun enger Jugendherberg oder Stellplaze fir Campingcaren. Mat enger Jungendherberg kéinten z. B. Schoulklassen, Veräiner, Touristen oder Artisten, déi hei zu Maacher optrieden, och hei iwwernuechten.
- Mir wëllen och weider eise Camping ënnerstëtzen, wou di lescht Joren eng exzellent Aarbecht gemaach ginn ass.
- Bei den Trape laanscht d'Musel wëlle mir préiwen, ob een e Ponton als kleng Bün an d'Waasser setze kann, fir esou di Plaz fir kleng Concerten ze notzen.
- D'Offer vun de Spillplaze soll erweidert ginn an un all Kand ugepasst ginn, soudass fir all Kand adequat Spillgeräter op de Spillplaze sinn. Och d'Thema Waasser wëlle mir op de Spillplazen abannen, dat z. B. mat enger Waasserspillplaz.
- Mir investéiere weider aktiv an d'Vermaartung vun eiser Wäiregioun.
- D'Traditioun vun der *Lëtzebuerger Wäikinnigin* soll méi promouvéiert ginn, z.B. mat engem Musée, flotten Ausstellungen a Souveniren.
- Mir wëlle gären eng berodend Tourismuskommissioun asetzen, déi an Zukunft mathëlleft, nei Iddie fir eis Tourismusoffer ze entwéckelen.



# KULTUR 11

## *Mir sti fir e Kulturprogramm fir jiddereen*



***D'Kultur ass en elementare Pilier vun eisem Zesummeliewen, dofir soll déi kulturell Offer an eiser Gemeng ausgebaut ginn.***

- Beim neie *Centre culturel* ass et eis wichteg, dass de kulturelle Veräiner adequat Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt ginn.
- Fir den neie *Centre culturel* wëlle mir gären e Kulturprogramm ausschaffen, deen der Diversitéit vun eise Leit Rechnung dréit. Dofir wëlle mir virun allem an enke Kooperatioune mat bestoende Kulturariichtunge schaffen.
- Niewent dem neie *Centre culturel* wëlle mir och weider an d'Attraktivitéit vum *Kulturhuef* investéieren.
- Mir wëllen am ale Stadhaus iwwert der Bibliothéik, wann d'Raimlechkeeten net méi anescht genotzt ginn, e Liesraum ariichten an och d'Bibliothéik soll vergréissert ginn.
- Bausse virun der Bibliothéik wëlle mir gären eng Bicherkabinn opriichten, dermat di bestoend „Give Boxen“ fir aner Géigestänn genotzt kënne ginn.

# 12 VERÄINER

## *Mir sti fir en aktiivt Veräinsliewen*



***Fir d'Zesummeliewen an de Gemenge spillen d'Veräiner eng wichteg Roll. Hei fannen all d'Generatiounen a Leit mat verschiddener Hierkonft zesummen, sief et an de Museksveräiner, de Sportsclibb oder an anere Veräiner. De sozialen Zesummenhalt an de Gemenge gëtt duerch d'Veräiner gestäerkt. Duerfir wäert d'LSAP d'Veräiner aktiv ënnerstëtzen, andeems de Benevolat geférdert gëtt.***

- De Sport- a Jugendkoordinator soll den Uspriechpartner fir d'Veräiner sinn a si an Zukunft bei hiren Aktivitéiten ënnerstëtzen.
- Mir wëlle fir d'Gemeng an hir Veräiner e mobile Gedrénksstand uschafen, fir dësen och an der Foussgängerzon oder bei Veranstaltungen notzen ze kënnen.
- Mir wëllen och e klenge Stock u Béierbänken, Partyzelter oder anert Material uschafen, dat d'Veräiner bei der Gemeng ausléine kënnen.
- Mir wëlle mat de Veräiner zesummen eng Inventaireslëscht vun hirem Material opstellen, dass an Zukunft méi Material ausgeléint ka ginn.
- Am neie Gemengenatelier soll de Veräiner e fachgerechte Stockage vun hirem Material erlaabt ginn.
- Mir wëllen d'Veräiner an Zukunft bei hirer Kommunikatioun ënnerstëtzen.

# INTEGRATIOUN 13

## Mir sti fir eng Gemeng, wou jidderee wëllkomm ass



***Chancëgläichheet, Integratioun an Inclusioun sinn an der DNA vun der LSAP, et sinn zentral Elementer vun engem gudden Zesummeliewen a vu sozialer Kohäsioun.***

- Mir iwwerpréiwe sämtlech ëffentlech Servicer a Plazen op hir Accessibilitéit fir Leit mat spezifesche Besoinen a suergen derfir, datt eventuell Barrièrë verschwannen.
- Fir d'Zesummeliewen tëschent de Generatiounen ze fërderen, setze mir verstäerkt op d'Ëmsetze vun intergenerationelle Projeten.
- Fir d'Leit aktiv an d'Gestaltung vun der Gemeng mat anzebannen, gesi mir en neie, participative Budget fir Projete vir, déi vun de Leit ausgeschafft a realiséiert ginn. Jidderee soll säi Projet kënnen areechen. Eng speziell Kommissioun soll dann dee Projet eraussichen, deen der Allgemengheet am meeschte bréngt.
- Fir Leit, di nei an eis Gemeng wunne kommen, wëlle mir reegelméisseg e Wëllkomm-Tour duerch d'Gemeng organiséieren, fir dass si esou d'Gemeng besser kenneléieren.
- Mir organiséiere gäre Quartiersfester, dermat d'Leit sech ënnertenee besser kenneléieren.

# 14 GEMENG

## Mir sti fir eng staark Gemeng zesumme mat de Leit

***Dermat eng Gemeng gutt am Déngscht vun der Allgemengheet funktionéiert, brauch si gutt Leit, déi an der Gemeng schaffen an et mussen di richteg Decisioune getraff ginn, dat zesumme mat de Leit. Mir wëllen d'Leit an Zukunft méi aktiv an d'Gestaltung vun der Gemeng mat abannen.***

- Fir d'Leit besser an d'Entwécklung vun hirer Stad anzebannen, wëlle mir weider berodend Kommissiounen asetzen: Tourismuskommissioun, Sécherheets- a Präventiounskommissioun, Logementskommissioun a Kommissioun fir d'Promotioun an d'Entwécklung vun der lokaler Wirtschaft.
- Projete vun de Leit an de Kanner, déi der Allgemengheet zeguttkommen, sollen ënnerstëtzt ginn, mir wëllen e spezielle Budget fir Biergerprojeten aféieren.
- Fir d'Leit nach besser kënnen ze informéieren, wäerte mir e benotzerfrëndlechen, elektronesche Reider a Betrib huelen an dësen Déngscht ausbauen.
- Mir wäerten e Kommunikatiounskonzept erstellen, fir souvill Leit wéi méiglech ze erreechen. Mir wëllen an Zukunft wichteg Informatiounen och op Englesch a Portugisesch iwwermëttelen.
- De Gemengebulletin ass dat offiziellt Kommunikatiounsmëttel vun der Gemeng. Mir wëllen niewent deene bestoenden Informatioune weider Rubricken aféieren, wéi zum Beispill d'Virstellung vun interessante Personnagen an der Gemeng, Informatioune fir Kanner, ... De Bulletin ass e wichtege Moyen fir den Zesummenhalt an der Gemeng ze stäerken.
- Fir d'Aarbechtskonditioune vum techneschen Déngscht ze verbesseren, wëlle mir en neie Gemengenatelier bauen, wou mir di technesch Servicer gruppéiere kënnen an hinnen di néideg Plaz fir hiert Material zur Verfügung stelle kënnen. Dësen Atelier wëlle mir ausserhalb vum Zentrum usidelen.
- Fir dass d'Gemeng senge Leit gutt Servicer ubidde kann, brauch se engagéiert MataarbechterInnen. Dofir ass et eis wichteg, dass mir reegelméisseg den Austausch mam Personal féieren, dermat si gäre fir d'Maacher Leit schaffe kommen.

# EIS PRIORITÉITE
## fir Maacher

1. Vergréisserung vun der Maison relais, mat Betreiungsplaze fir all Kand
2. Moossname fir Energie ze spueren a Knascht ze reduzéieren
3. Bezuelbare Wunnraum an de Gebaier vun der Gemeng
4. Berouegung vum Verkéier am Zentrum
5. Parkplaze fir d'Leit aus dem Zentrum
6. En neie Gemengen-atelier, wou Plaz ass fir all d'Servicer
7. Eng nei Maart-plaz mat enger Spillplaz fir d'Kanner a Parkplazen
8. Ënnerstëtzung vu Betriber, déi Aarbechtsplaze schafen
9. Nei Attraktiounen an der Foussgängerzon
10. Méi Fräizäit-aktivitéite fir Kanner a Jugendlecher
11. Nei Iwwernuech-tungsméiglech-keete fir Touriste schafen
12. D'Traditioun vun der Wäikinnigin méi promouvéieren
13. D'Kommunikatioun vun der Gemeng op méi Sproochen
14. E Sport- a Jugend Koordinator op der Gemeng
15. Zesummeliewen an de Quartiere förderen
16. Méi Participatioun vun de Leit an der Gemeng




# Eng jonk Ekipp fir Maacher.



Lex Schmitt
Toni
Ferreira Lopes
Tun Cavaleiro
Metty Scholtes
Samantha Lizardo

# ËNNNERWEE

*bei de Maacher Leit*



















**#ZESUMMEN**
**fir Maacher**

LËSCHT 1
11. JUNI

## LSAP ☒

| | | |
|---|---|---|
| BURTON Tess | | |
| CAJAO Gil | | |
| CAVALEIRO Tun | | |
| FERREIRA LOPES Toni | | |
| KOOB Jeff | | |
| LIZARDO Samantha | | |
| MAZZUCA Luca | | |
| MOSCHTERT-SCHILTZ Lesley | | |
| PAULUS-ENTRINGER Alex | | |
| SCHMITT Lex | | |
| SCHOLTES Metty | | |



# MERCI

MAACHER LSAP OP FACEBOOK

MAACHER LSAP UM INTERNET